Direkteren(Adjointen) aus den technesche Syndikater

# Alldeeglech illegal Situatioun muss direkt ofgeschaaft ginn!

## FGFC ënnerstëtzt Fuerderungen vun der ALID

ASSOCIATION LUXEMBOURGEOISE DES INGÉNIEURS DIRECTEURS ET INGÉNIEURS DIRECTEURS-ADJOINTS

***Séit 2016 sinn d'Direkteren an Direkter-Adjointen vun den technesche Gemengesyndikater am Kontakt mam Inneministère fir op di juristesch Onzoulänglechkeeten an der Gestioun vum Alldag an den technesche Syndikater opmierksam ze maachen a Remedur ze schafen. Bis haut ass näischt geschitt an eng pragmatesch Léisung gëtt vum Innenministère aus blockéiert.***

Dës Direktere sinn vun hire Comitéen nominéiert ginn fir d'Syndikater am Alldag ze féieren. Textuell fënnt een an de Statute vu verschiddene Syndikater, déi vum an Conseil d'Etat aviséiert an als arrêté grand-ducal am Journal Officiel publizéiert gi sinn, folgend Definitioun: ***«Dans le cadre des structures administratives et techniques du syndicat, l'ingénieur-directeur dirige les activités journalières telles qu'elles résultent de l'objet du syndicat »***

**Deemno huet den Direkter als kloer Missioun den Alldag vum Syndikat no sengem Objet ze leeden an ass och dofir verantwortlech. Dëst ass och joerelaang esou vun den Direktere gehandhaabt ginn.**

Säit e puer Joer mécht den Innenministère den Direkteren d'Liewen awer schwéier a blockéiert all Décisioun déi si huelen, resp. all Courrier déi si mat ënnerschreiwen. Si duerfe weder bei Bureau- nach Komiteesitzungen dobäi sinn an hu keng konsultativ Stëmm.

D'Syndikater, die ufanks fir eng administrativ Zesummenaarbecht vun zwou Gemengen am sportlechen (Piscinnen, Tennishalen, asw) oder kulturelle Beräich geduecht woren, sinn haut, grad am technesche Sekteur, grouss Betriber (Industriesyndikater) ginn. Dëst matt bis zu däitlech méi wéi honnert Mataarbechter a Spezialisatiounen an allen Ingénieurs-Beräicher. Di meescht vun hinne géréieren essentiell oder kritesch Infrastrukturen. Säitens dem Ëmweltministère ginn d'Direkteren och direkt an d'Verantwortung geholl an et gëtt vun hinne verlaangt déi technesch Gestioun vun de Betriber z'iwwerhuelen an eng effikass Aarbecht ze leeschten. Vill Syndikater sinn akkréditéiert, woubäi d'Direkteren dobai eng Schlësselroll spillen.

**All dëst ass mat enger archaescher Approche, wéi de Ministère de l'Intérieur se un den Dag leet, net méi kompatibel.**

Rezent sinn zousätzlech ganz beonrouegend Virfäll dozou komm déi dem Direkter den Alldag onméiglech maachen. Si duerfe moies just nach entscheeden zu wat fir engem Gesetz si net konform sinn. Illegal sinn hir Aktiounen ëmmer, sief dat um administrativen, penalen resp. um zivile Plang. Doriwwer eraus setzt sech den Direkter och disziplinaresche Mesuren aus wann hien d'Statute vum Syndikat net respektéiert.

**Dëst ass een absoluten "No Go" an der Fonction Publique a muss direkt geännert ginn!**

D'ALID asbl huet all politesch Parteien an och de Syvicol kontaktéiert fir op d'Problematik opmierksam ze maachen an et gëtt e grousse Konsens bei de Politiker. Dëst konnt een och bei der Aktualitéitsdebatt zur Reform vum Gemengegesetz den 12. Mee 2021 an der Chamber däitlech eraushéieren. Trotz dësen erdréckenden Tatsaachen an onbeandrockt vun der nationaler politescher Meenung refuséiert d'Inneministesch kategoresch d'Syndikatsgesetzt direkt ze änneren. Dëst ass inakzeptabel an net méi ze veräntwerten.

**D'ALID asbl fuerdert dofir dat d'Syndikatsgesetz direkt, an onofhängeg vun der grousser Reform vum Gemengegesetz, punktuell op den Artikelen 13 a 15 ugepasst gëtt. Eng entspriechend Propose läit der Inneministesch vir.**

Fir hir Aarbecht kënnen an der Effektivitéit an an der Legalitéit ze maachen fuerdert d'ALID fir d'Direkteren an d'Direkter-Adjointen virun allem:

- **D'Ënnerschrëfts- an d'Ausféierungsrecht**
- **D'Participatiounsrecht un de Bureau- a Komiteesitzungen mat berodender Funktioun**
- **D'Recht fir Missiounen ze delegéieren**
- **D'Weisungsrecht fir all d'Mataarbechter vum Syndikat**

***www.alid.lu***

